

Groupe parlementaire

10

Motioun

Lëtzebuerg, den 24. Abrëll 2019

Debat projets de loi N°450  
et N°451 ainsi que sur le  
PSC et le PNA

D'Chamber vun den Deputéierten

notéiert,

- datt a ville Politikberäicher, an deene ganz komplex Investitiounen gemaach a grouss Projeten geréiert ginn, eng laangfristeg operationell a finanziell Plangungssécherheet noutwenneg ass;
- datt zu dese Beräicher och d'Lëtzebuenger Sécherheets- a Verdeelegungspolitik gehéiert;

riff an Erënnerung

- datt ënnert där viireschter Regierung sougenannte „Lignes directrices de la défense luxembourgeoise à l'horizon 2025 et au-delà“ iwwert d'Verdeelegungspolitik ugeholl goufen;

fuerdert d'Regierung op:

- wichteg Projeten déi an dese "Lignes directrices" zrëckbehale goufen, wéi z.B. am Weltraumberäich de LuxGovSat an de "Wideband Global Satellite Communications System" an am Loftberäich d'Uschafung vu militäreschen Helikopteren fir den takteschen Transport an déi medizinesch Evakuéierung, virun ze féieren.



Fernand Kartheiser